

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, ech wëll dem Rapporteur merci soe fir säi kuerzen, mä däitleche Rapport. Deem ass näischt bäizefügen an ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, och ech wëll dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport, deen esou kuerz, prezis a ganz gutt war. Ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, ech wëll och dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport an och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

M. le Président.- Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Ech géing gär dem honorablen Här Santer merci soe fir dee Rapport deen hien hei gemaach huet. Ech si frou, datt d'Parlament, wéi et schéngt, dee Projet de loi wëllt an Eestëmmegkeet unhuelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo doriwwer of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4519 ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel (par M. Gusty Graas),

Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Agny Durdu), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Presentatioun vum Ännerungsvorschlag vum Artikel 114 vun eiser Verfassung.

Esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalten ass, stinn dem Auteur, der Regierung an deene 5 Fraktiounen jeweils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Paul-Henri Meyers, Jean-Paul Rippinger, Jacques-Yves Henckes an d'Mme Renée Wagener.

D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry fir dëse Revisiounsvorschlag ze presentéieren.

5. Proposition de révision de l'article 114 de la Constitution - N° 4765

Présentation

M. Alex Bodry (LSAP), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Revisioun vum Artikel 114 - mir si jo nach eréischt am Stadium vun der Proposition - beréiere mer awer sécherlech iergendwéi den Nerv vun eisem Grondgesetz. Et ass esou, datt d'Fro vum Modus vun der Verfassungsrevisioun zu de Schlüsseldispositiounen vun all Verfassungstext gehéiert.

Énnert wat fir enge Bedingunge ginn d'Regele vum Statsopbau, vum Funktionement vun den Institutionen a vun de Mënscherechter opgestallt? Énnert wat fir enger Form an énnert wat fir enge Regele kënne se spéiderhin ofgeännert ginn? All déi komplex Froen hänke mam Revisiounsmechanismus vun enger Verfassung zesummen.

Generell geet et drëm - an dat war och ee vun de Punkten dee mer besonnesch am An haten -, fir e Gläichgewicht beim Modus vun der Revisioun vun der Verfassung ze fannen, an zwar tëschent enger noutwendeger Stabilitéit, déi fundamental Regele vun engem Rechtsstat mussen hunn, an awer och enger Flexibilitéit vun deene Verfassungstexter, fir kënnen Upassunge virzehuelen.

Eleng de Fait, datt zënter Enn de 60er Joren all Chamber eng Constituante war, also all Chamber an deene leschten 30 Joer d'Befugnis hat, de Verfassungstext ëmzeänneren, beleet jo eigentlech, datt all Chamber d'Noutwendegkeet unerkannt huet fir deen een oder anere Punkt - mol méi, mol manner - am Verfassungstext ëmzeänneren. Dofir also eng gewësse Stabilitéit an awer och d'Méiglechkeet, fir déi noutwendeg Flexibilitéit an de Verfassungsännerungsmechanismus anzebauen.

Op där enger Säit muss een sech bewusst sinn, datt d'Verfassung keen immuabele Charakter huet. Eng lieweg Verfassung, e Verfassungstext, deen der gesellschaftlecher Situatioun Rechnung dréit an deen och an der Praxis un de Realitéiten hänkt, muss kënne vun Zäit zu Zäit ugepasst ginn. Net nëmme fir nationaalt an internatinaalt Recht op een Nenner ze bréngen, mä och fir op gesellschaftlech, politesch a juristesche Entwécklungen kënne ze reagéieren; jo vläicht souguer esou Entwécklungen ze steieren.

Op där anerer Säit däerf d'Verfassung awer net wéi en einfacht Gesetz behandelt ginn. D'Verfassung ass déi iewescht Rechtsnorm, dat iewescht Gesetz, vun deem sech eigentlech all aner normativ Texter ofleeden. D'Festleeung vun der Verfassung an och hir Ofännerung däerf also net kënne liichtfankeg op Grond vun enger Laun, vun engem Moudetrend oder vun enger bestëmmter politescher Situatioun vun haut op muer mat enger einfacher politescher Majoritéit ofgeännert ginn.

(M. Willy Bourg prend la Présidence)

Bei deem Verfassungsrevisiounsmodus, wéi mer en haut kennen zënter dem Bestehe vun der Verfassung, ass eigentlech ni eppes un deem Text geännert ginn. Dee reit am Fong eis Verfassung an d'Kategorie vun deene rigidé Verfassungen an.

Wéi gesäit dee Mechanismus aus?

Et geet u mat enger Deklaratioun vun der Chamber mat enger einfacher Majoritéit, déi seet wat fir Bestëmmunge vun der Verfassung se wëllen änneren. Si mussen net soen a wat fir engem Sënn si déi Bestëmmunge wëllen änneren. Et geet eigentlech duer wa si den Artikel uféieren.

Et geet duerno obligatoresch direkt weider mat der Opléisung vun der Chamber a mat Neiwalen. Déi gewielte Chamber kann dann, wa se dat nach fir néideg fënnt, d'Revisioun vun deene virdu bestëmmten Artikelen vun der Verfassung virhuelen, an dat mat engem Quorum vun 3/4 an enger 2/3-Majoritéit.

Et ginn nach aner Länner, wéi d'Belsch, Holland an Dänemark, déi en ähnleche Revisiounsmodus vun der Verfassung kennen. Et ass e laangwieregen a beschwéierleche Wee fir d'Verfassung ze änneren, well se ëmmer automatesch mat enger Opléisung vum Parlament verbonnen ass.

Et muss een och soen, datt déi bishereg Prozedur fir d'Verfassung ze änneren, eigentlech an der Praxis dozou gefouert huet, datt dee Mechanismus sengem Zweck eigentlech net nokomm ass. Doduerch, datt zwar d'Parlament opgeléist ginn ass, ass awer duerno keng Walcampagne op Grond vum Inhalt vun där geplangter Verfassungsrevisioun gefouert ginn. Dat Parlament wat duerno gewielt ginn ass, hat eigentlech net méi Mandat wéi déi Chamber vu virdu, fir d'Verfassung an engem gewëssene Sënn kënnen ofzeänneren.

Och wësse mer, datt dee laangwierege Modus, wéi mer en haut kennen, dozou gefouert huet, datt Lëtzebuerg eng Rei Schwieregkeete kritt huet, wat d'Ratiofikatioun vun internationale Konventionen ugeet. Konventionen, déi heiansdo deelweis am Konflikt mat besteeënde Verfassungsbestëmmunge stungen. Fir déi international Konventionen ratifizéieren ze kënnen, misst ee virdu kënne schnell, ouni d'Opléisung vum Parlament, eng Adaptatioun vun eise Verfassungstexter maachen. Well soss stinn déi zwou Normen - déi héchst national Norm, d'Verfassung, an déi international Norm, déi nom internationale Recht iwwert den nationale Verfassungen steet - a Konflikt, wat eng onheemlech Rechtssécherheet mat sech bréngt.

Dat war och senger Zäit an der leschter Legislaturperiode den Ausléiser fir den Artikel 114 vun eiser Verfassung ëmzeänneren, nodeems déi Chamber vu virdu scho gesot hat, datt den Artikel 114 enger Revisioun kéint ënnerzu ginn. Et ass zu engem éischten Textvorschlag komm, zu engem Avis vum Statsrot an et ass souguer schonn am Joer 1996 zu engem Rapport vun der zoustänneger Chamberkommissioun komm, fir den Artikel 114 ze änneren.

Allerdéngs nëmme fir nei Bestëmmungen anzeféieren, wat d'Zoustëmmung zu den internationale Konventionen ugeet an d'Noutwendegkeet fir virdru schnell kënnen d'Verfassung eventuell ëmzeänneren. Fir all déi aner Fäll sollt dee besteende schwéierfällige Revisiounsmodus mat der Opléisung vum Parlament bäibehale ginn. Dat war den Text, op dee sech an der Kommissioun gëeenegt gi war, mä wou aus politeschen Iwwerleeungen dann am leschte Moment decidéiert ginn ass, fir deen Text net virun d'Chamber ze bréngen.

Et muss een och soen, datt deemools déi Iddi vun der zoustänneger Kommissioun e ganz kriteschen Avis vum Statsrot ausgeléist huet. Deen huet gewarnt an huet sech domat op d'Doctrine bezunn, datt et kéint zu enger Révision à deux vitesses kommen. Datt et am Fong net richtig wär fir de Modus vun der Verfassungsännerungen un den eenzege Kritär ze koppelen, datt et sech ëm Verfassungsdispositionen handelt, déi wéinst enger internationaler Konventioun misste geännert ginn, an Dispositionen vun der Verfassung wou keng international Konventioun kéint a Konflikt kommen.

D'Verfassungsrechtler sinn an der Regel der Meenung, datt all Bestëmmung vun enger Verfassung dee gläiche Wäert huet, deeselwechte Rang muss hunn an deementspriechend och d'Revisiounsprozedur muss eenheetlech verfaasst ginn. Esou wéi mer dat haut kennen. Si ass eben just schwéierfällig a laangwierig.

Et ass eigentlech op Grond vun där Iwwerleeung do vum Statsrot, wou mir an der zoustänneger Kommissioun nei ugefaangen hunn iwwert déi Problematik ze diskutéieren a mir hu gekuckt, ob et net méiglech wär, andeems mer eis och beim Droit comparé inspiréiert hunn, eng nei Revisiounsprozedur fir d'Verfassung festzeleeën, déi eenheetlech wär an där essentieller Kritik vum Statsrot géif Rechnung droen.

Dat, wat mer virschloen, ass sécherlech kontestéiert an engem gewëssene Mooss. Et ass, wéi déi eng géife soen, revolutionär fir Lëtzebuerger Verhältnisse; anerer kéinte mengen, et wär souguer reaktionär. Op jidde Fall ass et innovativ an ech freeë mech - an d'Membere vun der Kommissioun sécherlech mat mir - op déi Diskussioun, déi mer an deenen nächste Méint nach wäerte kréien op Grond vun deem Virschlag, dee mer hei gemaach hunn.

Eis Iddi ass et eigentlech, fir bestoend Regele mat neie Regeln ze verbannen. Wat bleift bestoe vun deem, wat mer u prinzipielle Regeln am heitege System dran hunn?

Fir d'éischt emol hale mer déi eenheetlech Revisiounsprozedur bäi. Mir splécke se net op, jee nodeem ob international Konventiounen mat eraspillen oder net. Zweetens hale mer och de Prinzip bäi vun enger

Prozedur, déi an zwou Etappen ofleeft, an drëttens schwätze mer eis aus, fir déi méi speziell, méi streng Regele bei den Ofstëmmungen bei der Revisioun vun der Verfassung bäizebehalen, sou wéi se am bestoenden Artikel 114 festgehalen sinn, dat heescht mat engem Mindestquorum an der Presenz vun den Deputéierte vun 3/4 vun de Memberen a mat qualifizierter Majoritéit, eng Majoritéit vun 2/3 vun de Stëmmen.

Nei an deem System ass d'Ofschafung vun der obligatorescher Opléisung vum Parlament. Nei ass och d'Aféierung vun engem Délai de réflexion vu mindestens dräi Méint tëschent der éischter an der zweeter Ofstëmmung an der Chamber. Nei ass och, dass mer déi Regel vum Quorum a vun der qualifizierter Majoritéit bei deenen zwee Voten an der Chamber spille loossen, net wéi et haut de Fall ass, wou nëmme eng einfach Majoritéit fir d'Deklariation duergeet, an da just bei der zweeter Ofstëmmung ee muss e Quorum vun 3/4 an eng qualifizéiert Majoritéit vun 2/3 hunn.

Besonnenesch - dat wäert dee kontroverséiertste Punkt sécherlech sinn - ass d'Aféierung vun der Méiglechkeet vun engem Referendum, enger Volleksinitiativ, am Zesummenhang mat Verfassungsännerungen, déi d'Chamber an enger éischter Lecture ugeholl huet.

Wat war eigentlech eis Suerg? Firwat hu mer deen dote Mechanismus geholl, dee relativ no bei de Bestëmmungen vum italienesche Verfassungstext läit? Engersäits war et eis Suerg, dass eng Verfassungsrevisioun, wéi ech scho virdrun ervirgestrach hunn, net gläichgestallt gétt mat enger normaler legislativer Prozedur. Et muss zu zwee Voten an der Chamber kommen, wéi de Verfassungstext et virgesäit. Et därer net zu enger Dispens vum zweete Vote kommen en matière vu Verfassungen.

Donieft ware mer der Meenung, dass ee muss speziell Majoritéiten a Quorume virgesi fir déi zwee Voten an der Chamber. Mir waren och der Meenung, dass dat vläicht net duergeet an dass een och sollt bei besonnenesch kontroverséierte Revisiounen vun der Verfassung virgesinn, dass op Demande hi vun 1/5 vun den Deputéierten - am heitege Fall wieren dat der 12 -, wéi och op Demande hi vu 25.000 Wieler et méiglech wier, fir esou e kontroverséierten Text virun d'Vollek ze bréngen, dat heescht fir et zu enger Ofstëmmung via Referendum kommen ze loossen.

Déi éischt Kriticken, déi een héiert, sinn: „Sidd Dir verréckt, eng Minoritéit vun der Chamber kann da praktesch e Referendum ausléisen?“ Dorop géif ech direkt Folgendes äntweren: Eng politesch Partei, déi deen dote Schrëtt mécht, oder eng Initiativ, déi probéiert déi Ennerschrëften ze sammelen, ass sech ëmmer bewosst, wat se ausléist. Wa si d'Verantwortung hëlt, fir esou e Referendum op enger Fro ausze-

léisen, wou de Wieler net der Meenung wär, dass dat eng wichteg Fro wär, wou e misst gefrot ginn, respektiv dass et eng Revisioun wär, déi wierklech ze kontestéieren ass, da schléit dat géint d'Auteure vun där Initiativ zrëck.

Et ass haut méi einfach e Referendum ze froen, wou d'Méiglechkeet net besteet, e Referendum ausze-léisen, wéi wa mer eis an d'Hypothesen setzen, wann deen heiten Text spillt, an et besteet wierklech d'Méiglechkeet, e Referendum ze erzwingen. Sécher-lech ginn déi Initiativen da vill méi llicht ofgeweit, wéi dat haut de Fall ass an der einfacher politescher Diskussioun, wou et ni zu regelrechte Konsequenze ka kommen.

De Verfassungstext, wéi mir en also virschloen, ass wéi folgt formuléiert: „Le pouvoir législatif a le droit de déclarer qu'il y a lieu de procéder à la révision de telle disposition constitutionnelle qu'il désigne“. Dat ass den Text, dee mer haut och nach kennen.

Da kënnt deen neien Text: „La révision constitutionnelle doit être adoptée dans les mêmes termes en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois. La proposition de révision est soumise à un référendum lorsque dans les deux mois qui suivent la première délibération demande en est faite par 1/5 des membres de la Chambre ou par 25.000 électeurs. La proposition soumise à un référendum ne peut être adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés.“

Am Fong kréien iwwert de Referendum d'Wieler eng Aart Vetorecht zouerkannt. Si kënnen also, wa se sech mat Majoritéit géint eng Revisioun ausgeschwat hunn, an deem Fall verhënneren, dass deen Text esou duerchgeet, wéi d'Chamber en an enger éischter Lecture ugeholl hat.

Zum Schluss präziséiert den Artikel: „Dans tous les cas la Chambre ne pourra délibérer si 3/4 au moins des membres qui la composent ne sont présents et nul changement ne sera adopté s'il ne réunit au moins les 2/3 des suffrages exprimés“.

Dat ass den Text, wéi mer en an der Kommissioun festgehalten hunn. Ech verheemlechen net, dass wahr-scheinlech a ville Fraktiounen et ënnerschiddlech Meenungen zu deem doten Text gëtt. Mir hunn awer gemengt, et wier gutt, dass mer eis an deem Stadium net op dee klengste gemeinsamen Nenner einfach géife probéieren ze eenegen. Dat wär net gutt. Mir wollten där fundamental richteger Remarque vum Statsrot vun 1996 Rechnung droen, dee gesot huet: Kuckt, fir einfach méi en eenheetleche System ze fannen, fir d'Verfassung an Zukunft kënnen ofze-änneren!

Mir mengen, dass mer dat hei fäerdeg bruecht hunn. Mir soen net, dass dat hei „der Weisheit letzter

Schluss“ wär a si gespaant op d'Avien, déi mer zu deem Text kréien a kommen dann nach eng Kéier frësch op eise Virschlag zrëck.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers virgesinn.

Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur merci soe fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport zu deem Text, deen och an der Kommissioun unanimement ugeholl ginn ass.

Mir hunn déi do Propos gemaaht, déi - wéi de Rapporteur selwer seet - ka considéiert ginn als eng Innovatioun par rapport zu deem, wat mer bis elo haten. Lëtzebuerg huet eng Verfassung, déi schwéier ze änneren ass. Et muss een allerdéngs och verstoen, dass déi Dispositioun, déi mer elo hunn, aus enger Zäit kënnt, wou och nach ëmmer eng gewëssen Angscht do war, dass een dat, wat ee Moment vu Rechter an der Verfassung dra stoung, kéint verléieren. Et war e bësschen als Reaktioun och ge-duecht; mir dierfen jo och net vergiessen, dass ëmmer erëm versicht ginn ass, och am leschte Jorhon-nert, déi Rechter, déi 1848 regelrecht erkämpft si ginn, deelweis ëmmer erëm ze beschneiden.

An där Zäit, wou mer haut liewen, muss ee sech froen, ob déi Dispositioun, déi riguréis Verfassungsän-nerung, déi virgesinn ass, nach aktuell ass. Et ass schonn an där leschter Legislaturperiod iwwer eng Ofännerung vun der Verfassung diskutéiert ginn, an et waren eigentlech an deem Zesammenhang zwee Texter proposéiert ginn, déi weder dem Conseil d'Etat nach der Chamber selwer Satisfactioun ginn hunn. Eis Suerg war, fir en eenheetlechen Text erëm hierze-stellen an d'Verfassung an enger eenzeger Prozedur ze änneren, an zwar all d'Artikelen, sou dass een net zweegleiseg méi sollt an Zukunft an deem dote Beräich fueren.

Den Text gesäit elo vir, dass, wann d'Chamber eng Verfassungsännerung proposéiert - wat se, wann deen Text do gestëmmt géif ginn, à tout moment kéint maachen, ouni virdrun eng Deklaratioun ze maachen -, dann allerdéngs eng aner Prozedur virgesi wär wéi déi, déi bis elo do ass. Et géif een éischte Vote gemaaht ginn, et géif en Délai de réflexion virgesi ginn, an an deem Délai de réflexion kéinte souwuel eng gewëssen Zuel vun Deputéierte wéi och eng relativ important Zuel vu Wieler e Referendum froen.

Et si vill Leit net frou mam Referendum. Et ass awer vläicht déi eenzeg Aart a Weis, wou een och de

Wieler dobausse kann ëm seng Meenung froen. Dat fuerdert och de Politiker op, sech mat dem Wieler auserneen ze setzen, him ze erklären, firwat dass en et mécht. Ech fannen, dass dat eigentlech déi eenzeg richtigeg demokratesch Aart a Weis ass, fir eppes ze änneren,

(Interruptions)

Jiddfereen ass fir de Referendum. Et sinn ëmmer nëmmen déi dergéint, Här Fayot, déi menge beim Referendum krite se Onrecht.

Une voix.- Richtig!

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Et sollt een dofir dat net fäerten, a wann ee Meenungen huet, soll ee se och kënnen an der Öffentlechkeet verrieden.

(Interruptions)

D'Fro stellt sech iwwregens, wou de Législateur à la fin du compte bei esou wesentlechen Texter seng Legitimatioun hierhëlt, fir Ännerunge virzehuelen. Mir hunn elo gesot: Mir änneren den Text. Wéi mer en änneren, ob mer en änneren, hu mer de Leit ni gesot...

M. Alex Bodry (LSAP), auteur.- Dat wësse mer jo oft selwer net, wa mer dann ufänken, driwwer ze diskutieren!

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Dat wosste mer heiansdo och net!

Elo huet op jidde Fall den Text den Avantage, dass, wann et zu engem Referendum kënnt, och de Wieler dobausse weess, ëm wat et geet, wat geännert gëtt a wéi et geännert gëtt. Ech fannen, dass dat ee Fortschrëtt ass par rapport zu deem, wat bis elo bestanen huet. Et ass jo och esou, dass, wann een e Referendum freet, een dat net lichtsënneg ka maachen, dass ee sech muss explizéieren, an et ass jo och virgesinn, dass net jiddfereen dat ka froen, mä dass eng gewëssen Zuel vun Deputéierten a Wieler mussen d'accord sinn, fir dass e gefrot gëtt.

Iwwregens, de Referendum - wann ech dat dierf rappeléieren - ass och an der Regierungserklärung virgesinn, ouni dass awer genee preziséiert war, iwwer wat e soll goen, ob et déi ganz Verfassung soll sinn oder een Deel oder eenzel Artikelen; dat misst also och preziséiert ginn. Den Text, deem d'Kommissioun proposéiert, huet op jidde Fall den Avantage, an deem do Punkt elo kloer ze sinn. A wann en duerch géif goen, da wier och dee Punkt vun der Regierungserklärung realiséiert.

Mir wäerten hei och am Zesummenhang mat den Avien, déi nach ausstinn, notament dee vum Conseil d'Etat, nach een Débat kréien, an ech géif mer och wënschen, dass et ee largen an offenen Débat géif ginn, ouni dass mer Ängschten däerfen hunn, dass

d'Verfassung an déi eng oder aner Richtung kéint geännert ginn, wat net ëmmer jiddferengem gefält. Och hei muss eng Majorité qualifiée do sinn, fir déi Ännerung ze maachen.

M. le Président.- Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, den Text ass am Fong geholl e kondenséierten Text, zu deem sech déi zoustänneg Kommissioun bekannt huet. Mir haten et net einfach. Dat muss ee soen, an ech géif ganz besonnesch dem Här Bodry merci soen, fir déi Aart a Weis, wéi en de Rapport hei gemaach huet vun deem neien Artikel 114 vun der Konstitutioun, esou wéi d'Kommissioun e gesäit. En ass och an d'Detailer gaangen, esou dass dat mer erlaabt ganz kuerz ze sinn.

Den Artikel 114 ass een Artikel, mir kënnen zwar soen all Artikel vun der Verfassung ass wichteg, mä dat hei ass och ee vun deene ganz wichtegen, jiddensfalls politesch wichteg. Wann Dir lech gutt ze erënnere wësst, wéi mer de Vertrag vu Maastricht hei an der Chamber gestëmmt hunn, do huet d'Demokratesch Partei gesot, dësen Artikel 114 misst zur Uwendung kommen. Dat hätt zur Konsequenz gehat, dass d'Chamber sech hätt missen dee Moment direkt opléisen.

Mir waren der Meenung, a mir sinn dat haut zwar och nach, dass am Vertrag vu Maastricht Dispositiounen waren, déi géint d'Lëtzebuerger Verfassung verstouss hunn, a mir waren och dunn der Meenung, dass den Artikel 114 hätt misse spillen. Déi deemoleg Majoritéit war där Meenung net, well eben och d'Konsequenzen enorm waren.

(Interruption)

Oh dach, Här Mehlen, mir waren iwwerzeegt dervun, an net nëmme mir. Jiddefalls, gesitt Der, huet sech eng Meenung duerchgesat.

Ech kann natierlech verstoen, dass Majoritéitsparteien net wëllen iwwer een Artikel, eng Dispositioun an engem Traité falen, an doduerch missen an nei Wale goen. Mat deem neien Text vum Artikel 114 wäerte mer dat net méi brauchen ze maachen. Mir hunn hei och eng Rei vu Garde-fous dran.

De Pouvoir législatif kann decidéieren, wéini a wat fir eng Dispositioun vun der Verfassung geännert ka ginn, an dës Ännerung muss duerch zwee Voten, séparéiert duerch een Délai vun dräi Méint acceptéiert ginn. An deenen zwee Fäll kann nëmmen dann délibéréiert ginn, wann 3/4 vun den Deputéierte present sinn an 2/3 vun de Suffrages exprimés derfir sinn.

Et ass klor, dass déi Dispositiounen vun deem neien Artikel 114 d'Revisioun vun der Konstitutioun méi einfach maachen a virun allem ass jo dann, esou wéi ech dat virdru gesot hunn, net méi d'Opléisung vun

der Chamber gefrot. Et kann een also an der Sérénitéit déi Revisioun vun der Verfassung virhuelen. Et erméiglecht och dem Pouvoir législatif op punktuell Modifikatiounen anzegoen, well mir wëssen, dass d'Verfassung ëmmer nach an der Hiérarchie des normes déi héchste Source de droit ass, an et däerf een och net, an dat huet den Här Bodry virdrun och gesot, liichtsënneg a liichtfankeg all Modifikatioun vun der Verfassung erméiglechen. All Revisioun muss ënnert gewësse Garantië stoen. A wat elo déi Garantien ugeet, muss een deemno nach ëmmer op d'Exigence vum Quorum a vun der Majoritéit vun den Deputéierte pochen.

Ech wëll an dësem Zesummenhank nëmme kuerz aus dem Accord de coalition nach eng kéier deen Aspekt, deen de Volet vun den Traités internationaux regelt, virlesen: „Si un traité non encore approuvé comporte une clause contraire à la Constitution, la révision constitutionnelle préalable à l'approbation du traité devrait pouvoir se faire sans dissolution de la Chambre, selon les modalités proposées au projet de révision de l'article 114 de la Constitution déposé en 1996.“ Et ass also och esou wéi den Här Meyers virdu gesot huet. Wa mer den Artikel esou änneren, da wäerte mer eben och en accord si mat dem Accord de coalition.

Wat elo de Volet vum Referendum ugeet, esou ass et lueweswäert - a meng Virriedner sinn och agaangen op de politesche Wäert vun engem Referendum -, dass deemno och op dem Niveau vun der Verfassung eng gewëssen Demokratie direkt méiglech ass. An dësem Text, an dofir sinn ech och e bësse gespaant op dat, wat de Conseil d'Etat seet, kënnt déi Modifikatioun, dass engersäits 1/5 vun den Deputéierten, wat der nëmme 12 sinn, dat heescht, eng Fraktioun kënnt higoen, an do ass dat och erëm wouer, wat virdrun den Här Bodry gesot huet, dass och eng Partei gefuerdert ass, net liichtfankeg eng Modifikatioun virzeschloen, mä nach ass dat awer en anert Gewiicht, 1/5 vun den Deputéierten, also 12, an op där anerer Säit 25.000 agedroe Wieler kéinten e Referendum froen. Et muss een also kucken, wéi do de Rapport de force ass.

Mir sinn op dëse Wee gaangen, an hunn dat elo proposéiert. Ech mengen, et kann ee gespaant sinn, wat de Conseil d'Etat a sengem Avis seet. Jiddenfalls komme mer dann nach eng kéier erëm virun d'Chamber, fir dësen Artikel ze diskutéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech menge Virriedner uschlëssen an dem Rapporteur merci soen.

En huet hei, an enger ganz däitlecher an transparenter Form virgedroen, ëm wat et geet.

Mir wëllen déi relativ schwéierfällig an ëmständlech Prozedur, där mir eis beuge mussen, wa mer d'Verfassung wëllen änneren, ofänneren an et an Zukunft méiglech maachen, op eng méi einfach an trotzdem net liichtfankeg Aart a Weis eis Verfassung kënnen ze änneren.

Déi bishereg Prozedur, do wär et interessant, wann ee kënnt bis op d'Originen zrëckgoen. Ech kënnt mer virstellen, déi Zäit wéi Lëtzebuerg eng parlamentaresch Demokratie ginn ass, dass bei der Ausaarbechtung vun der Verfassung et net einfach war deemools, mam Souverain e Kompromëss ze fannen. Iergendwéi schéngt dat mer nach e bëssen duerchschimmeren, dass dee sech och wollt ofsécheren, dass déi nei Volleksverriedung net à la légère eng Partie Dispositiounen, déi him wichteg waren, sollt kënnen ofänneren. Soit!

Mir sinn eis fraktiounsiewergräifend eens ginn, fir op dee Wee hei ze goen, an ech mengen, dat wär eng gutt Initiativ an eng gutt Décisioun. Den Nodeel vun der bishereger Prozedur, dat hu meng Virriedner all gesot, an dat hu mir bis elo och ëmmer esou gesinn, ass deen, dass d'Chamber zwar huet missen opgeléist ginn, mä wann dann e Walkampf hannendru gefouert gëtt, an et war evident, dass deen huet misse gefouert ginn, dann ass iwwer alles diskutéiert ginn wéi net iwwert déi Artikelen, déi sollte geännert ginn a scho guer net iwwert d'Aart a Weis, wéi se sollte geännert ginn a wéi herno déi nei Fassung sollt ausgesinn. Insofern huet déi Prozedur och haut kee Sënn méi. Et huet och den Nodeel gehat, dass all Kéiers viru Walen laang a breet Diskussiounen waren, wat fir eng Artikelen dann elo sollte révisabel erkläert ginn an da sinn, fir sécher ze goen, dass ee kee géif vergiessen, all méiglech Artikele révisabel erkläert ginn.

Et ass keng glécklech Prozedur gewiescht, oder keng mat där een eigentlech konnt frou sinn, mä et mussen, an do si mer eis alleguer eens, Garantië bleiwen, dass net zoufälleg Majoritéiten hei an der Chamber kënnen d'Verfassung ofänneren, esou wéi et hinne grad dee Moment passt. Mir mengen och, mat deem vorliegenden Text wäer Garantien agebaut, dass dat net esou ohne Weiteres ka geschéien. Déi bishereg Barrièren oder Seuilë bleiwe bestoen. Et muss eng qualifizéiert Presenz sinn, 3/4, an eng qualifizéiert Majoritéit vun deenen, déi hei sinn, vun 2/3. Da gëtt et zwou Etappen, esou dass dat net am Hauruckverfahre ka goen.

De Punkt, iwwert deen hei am meeschte geschwat gëtt, ass dee vum Referendum. Dat freet eis ganz besonnesch, well mir waren ëmmer der Meenung, dass besonnesch wichteg Dispositiounen vun eisem

Grundgesetz, wat jo awer d'Fundament vun eise Statsgeba ass, vun eise demokratesche System, dass een do grondsätzlech d'Vollek sollt doriwwer befanne loossen. Dat werft awer d'Schwieregkeet op, dass ee misst eng Hierarchisatioun vun den Artikele vun der Konstitutioun maachen, wat op där anerer Säit erëm ganz sécher e schwierige Prozess wär a wahrscheinlech och aus grondsätzleche juristeschen Iwwerleeungen eraus ganz grouss Problemer géing opwerfen. Dofir gëtt et wahrscheinlech keen anere Wee wéi deen, d'Méiglechkeet vum Referendum opzemaachen an den Zougank zum Referendum iergendwellechen Initiativen, woubäi gewësse Seuillë mussen erreicht ginn, ze iwwerloossen.

Et ass hei gesot ginn, an domat kënnen mir och d'accord sinn, wann 1/5 vun der Chamber déi Initiativ hëlt. Dat ass net ganz vill. Dat kann eng Fraktioun sinn, dat kënnen och zwou méi kleng Fraktiounen sinn, déi zesummen dee Quorum bréngen. Ech sinn awer der Meenung, dass wann esou vill Deputéierten heibannen där Usicht sinn, dass dat scho soll dozou féieren, dass ee Referendum muss ofgehele ginn.

E bësse méi problematesch ass déi Dispositioun vun deene 25.000 Wieler. Do wär et interessant emol ze gesinn, wat fir ee prozedurale Wee mer do misste goen. Mir hunn als ADR viru Joren hei eng Proposition de loi erabruucht iwwert de Referendum, wou mer en Zweestufesystem virgeschloen hunn, dat heescht, méi eng kleng Zuel vu Wieler, déi eng Initiativ huelen. Wann déi Zuel - dat kënnen der e puer Dausend sinn - beienee kënnt, da géing eng Prozedur déclenchéiert ginn, eng Consultation publique, a wann do méi een héije Quorum beienee kënnt, da misst de Referendum sur initiative populaire zustane kommen. Hei wäert dat wahrscheinlech en Diskussiounspunkt sinn, wann et drëm geet, fir ze kucken, wéi dat dann an der Praxis soll oflafen.

Mä, wéi gesot, grondsätzlech hu mir kee Problem dermat. Bien au contraire. Mir si schonn der Meenung, dass d'Vollek d'Recht huet, fir a wichtege Dispositiounen vun eiser Konstitutioun e Wuert matzeschwätzen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass absolut e modernt Verständnis vun der Demokratie, dass een am heitegen Zäitalter vun der Kommunikatioun, wou et kee Problem ass, d'Öffentlechkeet mat anzebezeien, tatsächlech de Wieler do an d'Verantwortung hëlt an him d'Méiglechkeet gëtt, sech a spezielle wichtege Fäll zu deene Punkten ze expriméieren.

Dat Eenzezt wat mir an deem Zesammenhank bedauern, dat ass, dass wann esou Propositionen fir e Referendum op Initiativ vum Vollek, déi zwar hei zur Kenntnis geholl ginn, awer dann an den Tirang getä-

selt ginn. Ech héieren elo grad hei vu sozialistesche Frënn, dass si och eng Proposition do leien hunn. Elo ass d'Parlament emol eng Kéier gefuerdert, ze iwwerleeën, wéi et mat sengen eegenen Initiativen ëmgeet. Mir hunn dem Statsrot jo d'Méiglechkeet geholl, wann ech mech gutt erënneren, fir kënnen esou Initiativen ze blockéieren. E ka se zwar e bëssen ofbremsen, mä e kann net méi blockéieren. Ergo solle mir eis als Parlament esou konsequent sinn, wann hei Propositionen vun Deputéierte kommen - dat gëllt fir se alleguer -, da solle mir eis op d'mannst d'Méi maachen, fir se op de Leescht ze huelen, a wann da keng Majoritéit sech derfir fënnt, dat ass d'Spill vun der Demokratie, mä ech fannen et keng gutt Prozedur, fir se an den Tirang ze leeën an net méi doriwwer ze schwätzen.

(Interruption)

Här Fayot, do könnte mer zum Beispill eng Kéier en Débat doriwwer organiséieren. Dat wär et schonn derwäert.

Dat gesot, Här President, wëll ech dat soen, wat och de Rapporteur schonn hei gesot huet, dass e fraktiounsiwwergräifende Konsens iwwert deen Text ass. Den ADR ass och mat där Initiativ, esou wéi se hei virläit, d'accord.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, wéi mer d'lescht Fréijoer hei de Projet de loi iwwert den internationale Gerichtshaff zur Debatt stoen haten, hätte mer am Fong missten eng Verfassungsännerung maachen, well d'Statute vun dësem Gericht net vereinbar si mat eiser Konstitutioun, déi dem Groussherzog eng absolut Inviolabilitéit zouschreift. An de Statute vun deem Gericht steet awer, dass och Statschefen net immun si viru rechtlecher Verfolgung.

Dat ass dee Moment net gaangen. Dee betreffenden Artikel wor nämlech an där Legislaturperiod virdru vum Parlament net fräigi gi fir eng Revisioun. Dat hei ass ee Fall, et si virdrun anerer zitéiert ginn. Esou Fäll kommen ëmmer erëm vir. D'Verfassung ze änneren ass eben zu Lëtzebuerg net ganz einfach.

Et ass virdru gesot ginn, am 19. Joerhonnert wäeren do eng Rei vun Dispositiounen geholl ginn. Esou wäit ech informéiert sinn hunn am Fong déi Leit, déi 1848 d'Verfassung ausgeschafft hunn, no belschem Modell déi doten Hürd agebaut, déi eben dann och seet, dass virun enger geplangter Revisioun d'Parlament muss opgeléist ginn.

Dofir hu mer och mëttlerweil scho bal eng Gewunnecht, fir datt an där leschter Sitzung virun der Opléisung vum Parlament all déi Artikele fir revisabel

erkläert ginn, déi déi nei Chamber da soll konkret emänneren.

Et ass also eng relativ ëmständlech Prozedur an ëmmer méi europäesch Länner si mëttlerweil op aner Weeër gaangen an hunn no anere Méiglechkeete gesicht fir Hürden anzubauen, fir datt een net einfach esou kënnt d'Verfassung änneren, zum Beispill en erhéichte Quorum, zum Beispill och eng Mindestunzuel vun Deputéierten, déi present sinn oder eng qualifizéiert Majoritéit bei der Ofstëmmung, Saachen, déi mir elo scho bei eis hunn, a ganz vill Länner gesinn eben och e Referendum vir.

Mir wäerten also och nei Weeër beschreiden an den Artikel 114, dee jo déi leschte Kéier fräigi ginn ass, emänneren. Am Optrag vun der Kommissioun huet den Här Bodry e Modell ausgeschafft, dee sech op eng vergläichend Etüd vun deene verschiddene Verfassungen an Europa baséiert a sai Virschlag ass op en unanime Konsens an der Kommissioun gestouss.

Et ass scho gesot gi wéi dee Modell soll oflafen. Ech ginn net méi am Detail dorobber an. Ech wëllt just soen, dass mer am Fong mat deem heite Referendum éischter eng Aart Vetorecht hunn, well wann e Referendum positiv ausgeet fir eng Verfassungsännerung, ëmmer nach d'Parlament, dat jo bestätegt ginn ass, nach kann an enger zweeter Ofstëmmung seng Meenung änneren oder verbessern.

Wann awer de Referendum negativ ausgeet, dann ass am Fong den Antrag vum Dësch.

Dir Dammen an Dir Hären, wann de Statsrot dës Proposition, wat mer hoffen, positiv aviséiert, da wäert Lëtzebuerg also an Zukunft iwwert dräi verschidden Applikatiounsforme vu Referende verfügen. Do wär fir d'alleréischt deen nationale Referendum, esou wéi en am Artikel 51 vun der Konstitutioun virgesinn ass, dee mer bis elo zweemol ugewannt hunn, eng Kéier 1919 zur Fro vun der Zollunioun a vun der Monarchie, an eng Kéier 1937 zum Maulkuerfgesetz.

Dat ass deen éischte Referendum. Do wëllt ech eng Fro opwerfen. Souwäit ech mech erënnere kann ass am Koalitiounsaccord virgesinn, dass dee Modell soll reforméiert ginn, well en effektiv vläicht e bëssen ze schwéierfällig ass oder et aner Grënn gëtt, firwat dass en net oft zur Applikatioun kënnt.

Doniewent hu mer dann de kommunale Referendum, deen et eréischt zënter 1988 gëtt, deen awer kee bindende Charakter huet.

Schliesslech hätt mer dann deen heiten neie Referendum iwwer Verfassungsfroen. Mir als Gréng begreifen dës Ausweidung. Mir mengen awer, dass wann deen neie Referendum kënnt, dass en da wuel

éischter wäert vun Deputéierten applizéiert oder déi Maschinn vum Referendum ugeworf ginn, wéi dass dat vun der Säit vun de Wielerinnen a Wieler wäert geschéien, well d'Zuel un Ënnerschrëften, déi do musse gesammelt ginn, jo awer relativ héich ass.

Mir hunn also hei um Pobeier e wichtige Schrëtt a Richtung méi Demokratie. Ob e sech och an der Praxis bewäert, ob mer méi eng lieweg a méi eng partizipativ Demokratie an Zukunft doduerch wäerten hunn, dat muss sech weisen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner schwätzt den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Bei Verfassungsännerungen ass et Usus, dass d'Parlament den éischte Schrëtt mécht an et ass dofir esou, dass d'Regierung als solch un deene parlamentareschen Aarbechten zu dëser Proposition vun der Commission des Institutions, esou wéi se den honorablen Här Bodry hei virgedroen huet, net deelgeholl huet.

Et ass selbstverständlech, dass zu esou engem wichtige Punkt wéi dësem d'Regierung wäert eng formell Stellungnahme zu engem spéideren Zäitpunkt huelen. Ech géing awer haut scho wëllen als Justizminister e puer direkt Observatiounen zu deem Text maachen, sous réserve vun deem wat d'Regierung als Ganzt zu engem spéideren Zäitpunkt wäert maachen.

Ech stelle mat Satisfaktioun fest, dass de Moie bal all Riedner op d'Wichtigkeet vun der Verfassung als Grondtext, wou d'Grondprinzipie vum Statswiesen a vun de Grondfräiheeten dra stinn, higewisen hunn an dass gesot ginn ass, dass een eng Verfassung net lichtfankeg soll änneren.

D'Fro stellt sech dofir wat dee beschte Mechanismus ass fir d'Ännerung virzehuelen. Ech war selwer Äre Rapporteur zu där viregter Modifikatioun vum Artikel 114, dee mer am Kontext vun der Approbatioun vun internationalen Traitéen gemaach hunn, Proposition, déi finalement net duerchkomm ass, an den Här Bodry ass dorobber zrëckkomm.

Den Här Bodry huet gesot, et kann een net d'Verfassung einfach änneren op Grond vu Moudeerscheinungen. D'Fro stellt sech also, ob en Délai vun dräi Méint duergeet, well Moudeerscheinungen oft ganz séier, oft och an dësem Haus an et géinge vill Beispiller ginn an deem Kontext, dozou féieren, dass awer eng grouss Majoritéit sech fënnt, fir vläicht deen een oder aneren Artikel an der Verfassung ze änneren. D'Fro stellt sech also, ob deen Délai vun dräi Méint laang genuch ass oder net.

Eng zweet Observatioun, déi een an deem Kontext ka maachen, ass déi a Bezuch op de Referendum. Ech deelen d'Meenung vun deenen, déi soen, dass a Grondfroen, déi d'Parlament wëllt änneren, een zrëckgeet bei de Wieler, well dat Froe sinn, wou selbstverständlech deen, deen eis alleguer d'Mandat ginn huet, de Wieler, e Wuert matzeschwätzen huet.

Ech stelle just e puer Saachen an deem Kontext hei fest. Dat éischt ass emol, datt mer hei schéngt fir d'éischte Kéier eng Zort bindende Referendum anze-féieren, an deem Sënn nämlech, datt kënnen d'Wieler, wann d'Majoritéit vun de Wieler sech esou ausschwätzt, d'Chamber blockéieren, fir duerno nach kënnen eng Verfassungsännerung ze maachen.

Et muss ee sech also d'Fro stellen, ob een op dee Wee geet. An deem Kontext stellen ech och d'Fro, ob et dann an deem Referendum eng Pflicht gëtt drun deel-zehuelen, well dat si jo keng Walen. Mir hunn nëmmen d'Walflicht. Et schéngt mer also nout-wendeg, wann een op dese Wee geet - an ech hunn domat kee Problem -, dass ee muss e Gesetz iwwert de Referendum maachen, net dass een hei seet, mir gi mat där Verfassungsännerung virun d'Vollek an dorunner participéieren awer net alleguer d'Wieler, well keng Pflicht besteet um Referendum deelzehuelen an et wär also esou, well hei nëmme steet „la majorité des suffrages exprimés“, dass do eng kleng Zuel vu Wieler kënn d'Parlament duerno empêchéieren, d'Verfassungsännerung ze maachen.

Da stellt sech selbstverständlech och d'Fro vun der Zuel vun den Deputéierten, respektiv vun de Wieler, déi kënnen e Referendum ufroen. Ech mengen, dee Choix, deen een do mécht, ass ëmmer arbitraire. Wat d'Wieler ubelängt, soen ech awer just, dass ee sech soll d'Fro stellen, ob een net e Prozentsaz vu Wieler dohinner setzt, well d'Wielerschaft bekanntlech an deem Land évoluëiert. Si ass an deene leschte Jore vill évoluëiert a 25.000 ass e Fixe, an ob een net besser hätt ze soen X Prozent vun de Wieler an deem Land kënnen esou e Referendum froen. Dat géng och der Evolutioun vun der Wielerschaft am Land Rechnung droen.

Eng nächst Observatioun betrëfft de Presenzquorum. Ech froe mech, ob et noutwendeg ass e Presenz-quorum am Parlament bäizehalen, ob et net besser wär, et géng ee soen, zwee Drëttel vun de Stëmme vun den Deputéierte mussen d'Ännerung matdroen, well ee selbstverständlech beim Presenzquorum ëmmer d'Fro huet vun deenen, déi einfach duerch hir Absenz net wëllen eng Ännerung vun der Verfassung matdroen. Dat ass also eng Fro, op déi ech keng schlësseg Äntwert hunn, déi ee sech awer an deem dote Kontext nach eng Kéier soll iwwerleeën.

Als leschte Punkt stellen ech fest, dass an deem alen Artikel 114 stong, dass no der Opléisung vum Parla-

ment d'Chamber décidéiert iwwert déi Verfassungsän-nerung „d'un commun accord avec le Grand-Duc“. Dat heescht en fait, „d'un commun accord avec le pouvoir exécutif“. Dat ass an deem neien Text ewech-gefall. Ech mengen net, dass virun doriwwer eng Erklärung komm ass. Et schéngt mer jo awer esou ze sinn, dass mer hei herno an enger Form sinn, déi eng Gesetzesform mat sech dréint, an där de Grand-Duc an déi zoustänneg Ministeren dat mat ënner-schreiwen, also och mussen dozou kënnen hiren Accord ginn. Dofir mengen ech, muss een deen Text nach eng Kéier kucken, ob een do net muss beim bestehenden Text bleiwen.

Dat sinn eng Rei Observatiounen zu deem Text, zu deem ech awer grondsätzlech wëll soen, dass e mer an enger éischer Approche schéngt e ganz räsonna-blen Text ze sinn, dass en op Grond vun all deenen Iwwerleeungen, déi mer zesummen an deene leschte Jore gemaach hunn, schéngt e Wee ze sinn, op deen een eventuell kënn goen, quitte dass een den Text nach op deem engen oder anere Punkt kann änneren.

Ech hunn hei eng Rei Observatiounen gemaach, déi mer schéngt missen an eng Reflexioun eranzefléissen an déi, dovunner sinn ech iwwerzeegt, och an der Positioun vun der Regierung a schréfftlecher Form wäerten zrëckgoen, mä mir sinn hei, wéi gesot, am Stadium vun der Proposition vun der Revisioun. Elo kommen d'Avien, inklusiv dee vun der Regierung, an da kucke mer op deem Punkt nach eng Kéier weider.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP), auteur.- Ech wollt kuerz e puer Äntwerte ginn op déi Reflexiounen, déi den Här Justizminister elo grad gemaach huet wat eis Proposi-tioun ugeet.

Fir d'éischt emol, wat d'Roll vun der Exécutive an der Législative bei Verfassungsfroen ass. Do gi wahr-scheinlech d'Meenungen e bëssen auserneen des Säit an déi aner Säit vun der Bänk, wou de Justizminister sech referéiert huet op e Schlusspassage vum heitegen Artikel 114, während wahrscheinlech d'Chamber d'Tendenz hätt sech ze referéieren op den éischte Saz vum Artikel 114, deen net duerch Zoufall iwwerholl ginn ass an eiser neier Proposition, déi seet: „Le pouvoir législatif a le droit de déclarer qu'il y a lieu de procéder à la révision de telles dispositions constitutionnelles qu'il désigne“. Et ass also ganz kloer, dass an deem System, wéi mer en haut kennen, an deem System, wéi mir e proposéieren, eigentlech et iwwert de Wee vun enger Proposition de loi geet.

Mir sinn also net an enger Situatioun wou d'Initiativ ka vun der Exécutive ausgoen. D'Initiativ geet an alle Fäll vun der Législative aus an dat huet natierlech och Konsequenze wat de ganzen Oflaf vun der Prozedur ugeet.

Déi zweet Bemierkung wollt ech maachen zum Referendum. Do wëll ech ganz kloer soen, dass op jidde Fall a mengem Verständnis et esou ass, dass mat där heiter Form vu Referendum net definitiv all Froen ofgehaakt sinn, déi insgesamt mam Referendum, mat der Volleksinitiativ zu Lëtzebuerg zesummenhängen. Dat ass en aneren Artikel an der Verfassung, deen ausdrécklech d'Méiglechkeet vum Referendum virgesäit. Deen ass net ausser Kraaft gesat mat deem neien Artikel 114. Dat heescht, ech kënnt mer duerchaus virstellen, dass mer an dëser Hypothees vun der Verfassungsrevisioun eng Form vu Referendum hate mat hire spezifesch Regeln, an op där anerer Säit awer och dozou missten iwwergoen, dass mer déi Loi organique, déi d'Konstitutioun virgesäit fir de Referendum ze regelen, och missten treffen an do kann een aner Hypotheesen, aner Regele virgesi wéi dat hei am Artikel 114 de Fall ass.

Wat den drëtte Punkt ugeet vum Quorum, do muss ee feststellen, wann ee kuckt wat an deenen anere Verfassungen steet, dass déi weinegst Länner eng Quorumsregelung hunn. Just d'Belsch huet dat nach, vläicht och nach Holland. Ech hunn dat net iwwerpréift, mä déi meescht hunn einfach nëmmen eng qualifizéiert Majoritéit. Déi Quorumsregelung fënnt ee ganz weineg erëm. Dat ass also eng Fro wou ee sécherlech kann driwwer diskutéieren.

Ech wëll allerdéngs och soen, dass bis elo, ouni dass dat an den Texter esou stong, déi Quorumsregelung vun 3/4 et eigentlech méiglech gemaach huet, dass eng relativ kleng Minoritéit de blocage an der Chamber bestanen huet. Dat heescht, duerch de Fait dass méi wéi e Véirel vun den Deputéierten aus dem Sall geet an net Deel hält un den Ofstëmmungen, konnt eng staark Minoritéit eng Verfassungsännerung bloquéieren.

Et muss een also wëssen, ob een dat wëllt bäibehalen oder net. Wa mer elo d'Quorumsregelung sträichen, dann ass dat net méi de Fall, dann ass de Blocage bei 1/3 plus eent.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domat ass de Punkt ofgeschloss a mir kommen zu de Propositions de loi 4769 a 4770 vum Här Lucien Lux, deen d'accord ass, dass mer déi matenee behandelen.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Glesener a Jaerling. D'Wuert huet fir d'éischt den Auteur vun de Propositions de loi, den Här Lucien Lux.

6. Proposition de loi 4769 de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Proposition de loi 4770 de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales

Présentation

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Merci, Här President, Kolleegen a Kolleeginnen, déi zwou Propositions de loi 4769 a 4770 sinn noutwendeg ginn aus e puer Ursaachen.

Engersäits hu mer am Januar an eiser éischter Sitzung hei d'Proposition de loi 4709 vum Rôle erof geholl, déi virgesinn hat, fir den 1. Januar 2001 schonn eng Rei vu soziale Begleetmoossnamen zur Steuerreform ze huelen. Vu dass deen Datum elo eriwwer ass a bei der Mindestlounerhéijung den éischten Deel vun där Proposition,...

(Interruptions)

...déi Erhéijung vun 3,1 %, den 1. Januar 2001 a Kraaft getratt ass, ass et noutwendeg ginn, fir déi Propositionen ze renouveléieren an och zwou Propositionen ze maachen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géif lech bieden, e bëssche méi opmierksam ze sinn!

M. Lucien Lux (LSAP), auteur.- Dat war noutwendeg, well et jo méiglech ka sinn, dass an eenzelne Fraktiounen en Accord kéint fonnt ginn, fir d'Mindestlounerhéijung ze ënnerstëtzen, awer net d'Kannergelderhéijung, oder ëmgedréit. Dofir war och d'Proposition vun der Technik hier, fir dat léiwer an zwou Propositionen ze maachen, déi awer, wéi gesot, ee Ganzt duerstellen.

Den Ausgangspunkt bleift nach ëmmer deen - dofir maachen ech et och ganz kuerz de Moien -, dass déi Steuererlichterungen, déi mer den 1. Januar 2001 duerch bruecht hunn, an déi Steuererlichterungen, déi virgesi si fir den 1. Januar 2002, et an eisen Aen noutwendeg maachen, fir ze verhënneren, dass eng sozial Schiefleg entsteet an der Verdeelung vun de Friichte vun der Croissance, dass mer Begleetmoossnamen huelen, engersäits um Niveau vum Kannergeld an anerersäits um Niveau vum Mindestloun.